N°1209
Entrée le 22.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1209 vum 19. September 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi vill Psychiateren, déi op Kanner a Jugendlecher spezialiséiert sinn, ginn et hei zu Lëtzebuerg?*

Op den 31. Dezember 2023 zielen mir 25 Psychiateren, déi op Kanner a Jugendlecher spezialiséiert sinn an och an dëser Spezialisatioun hei zu Lëtzebuerg op deem Datum exerzéiert hunn.

*2. Kann d'Ministesch bestätegen, dass et de Moment ganz laang Waardeläschte bei op Kanner a Jugendlecher spezialiséiert Psychiatere gëtt, fir iwwerhaapt mol en éischte Rendez-vous ze kréien?*

Et ass dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet bewosst dass d'Waardezäite kënne laang sinn fir e rendez-vous bei engem Psychiater ze kréien deen op Kanner a Jugendlecher spezialiséiert ass.

Eng éischt Prise en charge bei dringende Fäll gëtt souwuel an den Urgences pédiatriques wéi am Service de psychiatrie juvénile ugebueden. Een éischten Austausch mat Psychologen oder Psychiateren erlaabt d'Prioritéite vun der Prise en charge ze definéieren wou d'Waardezäit fir ee stationäre Suivi oder an der Dagesklinik bei 1-2 respektiv 6 Méint läit. Waardezäite fir ee strukturéierte Suivi bei manner dringende Fäll sinn an dësem Kontext als normal unzegesinn.

*3. Huet de Ministère eng Strategie, fir an Zukunft dës lang Waardezäiten ofzebauen an betraffene Kanner a Jugendlechen e méi séieren Accès zu der fir si noutwenneger Hëllef ze ginn? Wa jo, wéi gesäit dës aus? Wa nee, firwat net? Wa nee, ass et a noer Zukunft geplangt fir esou eng auszeschaffen?*

Et ass geplangt e spezifesche « réseau » fir Stéierungen aus dem Autismuspektrum opzebauen, mat Diagnostik, Evaluatioun a Prise en Charge. Héi geet et drëms schonn déi ganz Kleng am Réseau opzefänken nach ier se an de Schoulsystem opgeholl ginn an dëst mat all den implizéierte Partneren. Dobäi sollt en « réseau » mat enger Permanence psychiatrique Kand-Jonken opgebaut ginn mat engem Flux fir no der Consultation d'urgence infanto-juvénile, mat engem accessiblen Follow-up.

De Ministère wëll dobäi eng besser Vernetzung vun allen Akteur'en erbäiféieren: fir déi ganz Kleng, déi manner Kleng bis an den Erwuessenen Alter, ee parcours intégré vum „Patient", vun doheem an d'Primäversuergung bis zum akute Spidol an zeréck ggf iwwer en Etablissement spécialisé oder ee Réseau.

D'Ëmsetze vu Moossnamen ass  geplangt, fir besser iwwert déi bestoend Strukturen am Beräich vun der mentaler Gesondheet ze informéieren an fir d'Zesummenaarbecht ënnert den Acteuren (spezialiséiert Dokteren mee och Generalisten, Psychologen, an d'Netz vun der Psychiatrie am privaten Beräich) ze verbesseren.

D'Semaines de la santé mentale weisen op datt et zu Lëtzebuerg vill Akteur'en ginn déi scho probéieren sech ze vernetzen an déi och dëst Joer déi Jonk an de Mëttelpunkt vun deenen 2 Wochen gestallt hunn: « Déi Jonk stäerken, d'Zukunft gestalten » https://www.semainesantementale.lu/de/ .

*4. Wat kënne concernéiert Eltere maache respektiv u wie kënnen sech Eltere wende fir séier gehollef ze kréien, wa bei hire Kanner eng séier Prise en charge noutwenneg ass, si awer net séier genuch bei engem Psychiateren e Rendez-vous proposéiert kréien?*

De Généraliste oder de sougenannten "Hausdokter" vun der Famill an de Kannerdokter sollen am Virfeld ëmmer den éischten Uspriechpartner si fir d'Situatioun ze bewäerten an fir eng Prise en charge ze proposéieren respektiv u Strukturen oder aner Professioneller weiderzeleeden.

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez